Gemeng Fiels

# MATDEELUNG

D'Fielser Gemengeverwaltung informéiert d'Bieger a Verkéiersbenotzer iwwer de Start vun Aarbechten zur Erneierung vun den ënnerierdeschen Infrastrukturen an der Miedernacher Strooss, op Héicht vum Wee « Huelewee » bis bei den Agang vum Schoulhaff.

D'Aarbechte betreffen:

- d'Erneierung vun den Offwaasserkanalisatiounen,
- d'Installatioun vun enger neier Reenwaasserkanalisatioun fir de Risiko vun Iwwerschwemmunge ze reduzéieren (Aflossgebitt vum Plateau « auf dem Hohlenberg »),
- d'Erneierung vun der Haaptleitung fir Drénkwaasser um betraffene Secteur.

**Ufank vun den Aarbechten: Méindeg, de 16. Mäerz 2026**

Viraussiichtlech Dauer: bis Enn Juni 2026, jee no Wiederkonditiounen.

D'Aarbechte ginn duerch d'Firma L. Elenz GmbH & Co. KG ausgefouert, ënner der Koordinatioun vum SIDEN (Syndikat vun den Nord-Ofwaasser), a Kooperatioun mat der Gemengeverwaltung aus der Fiels an der Verwaltung vun de ponts et chaussées.

Well de Chantier sech gréisstendeels an enger Kéier befënnt, ass aus Sécherheetsgrënn eng komplett Spärung vun der Miedernacher Strooss um betraffene Stroosse Stéck leider net ze vermeiden.

Virgesinn Zäitspan vun der **Spärung**: **vum 13. Abrëll 2026 fir eng geschate Dauer vu 7 Wochen.**
Eng Ëmleedung gëtt mat enger entspriechender Signalatioun ausgeschëldert.


Wärend der ganzer Dauer vum Chantier:

- bleiwen d'Foussgänger Zougäng garantéiert,
- bleift den Zougang fir d'Noutdéngschter zu all Moment assuréiert,
- ginn d'Zoufaarte bei privat Proprietéiten esou wäit wéi technesch méiglech oprechterhalen,

www.larochette.lu

33, chemin J.A. Zinnen L-7626 Larochette Tél.: 83 70 38 Fax : 87 96 46 larochette@larochette.lu

- suergt d'Gemengeverwaltung fir eng méiglech Accessibilitéit fir Liwwerungen, fir d'Geschäfter an d'Awunner souwéi fir d'Clientë vun den Doktesch Praxissen op der Säit vun der Kierch.




D'Benotzer vum ëffentlechen Transport gi gebieden, sech fristgerecht um Site [www.mobiliteit.lu](http://www.mobiliteit.lu) iwwer d'Ännerungen am Horaire wéinst der Stroossespär z'informéieren.

D'Gemengeverwaltung aus der Fiels seet den Awunner, de Geschäftsleit an de Verkéiersbenotzer Merci fir hiert Versteesdemech fir déi eventuell Stéierungen, déi duerch dës Aarbechte kënnen entstoen.

Fiels, de 6. Määerz 2026
De Fielser Schäfferot
Mirko Martellini, Buergermeeschter
Luc Jemming, Schäffen
Ana Teresa Marques Lima, Schäffin

www.larochette.lu

33, chemin J.A. Zinnen    L-7626 Larochette    Tél.: 83 70 38    Fax : 87 96 46    larochette@larochette.lu